
LES SACRIFIÉS

Bulletin bimestriel de la Fédération des Enrôlés de Force



# Fir d'Jonge vum 12. an 13. Juli 1944 den Ufank a fir vill, all ze vill… d'Enn



***Wësst dir nach den Dag***
***wou op der Gare***
***dausend Meedercher gekrasch…***

***op dem Wee***
***um weide Marsch***

Wierder
aus dem Toni LUX sengem Lidd.
Hie wor mat äis um „Bismarckhügel“
an ass, wéi vill aner, net méi
aus „Ostpreussen“ heemkomm.

3 2004
Juin
45e année

5. September 2004

**Commémorationsdag vun den Enrôlés de Force an der Stad**

Lëtzebuerg 60 Joer fräi

ower deemools feelen heiheem nach méi wéi 5 000 Jongen a Meederecher.

**PROGRAMM:**

15.00 Auer:

Gare Hollerech, beim nationale Memorial vun der Deportatioun gi Blummen deponéiert.

15.30 Auer:

An der Gare vu Lëtzebeurg, beim Monument vun den Eisebunner, gi Blummen deponéiert.

16.00 Auer:

An der Herz-Jesu-Kierch op der Gare ass d'Commemoratiounsmass.

17.30 Auer:

Feierlech Gedenkzeremonien um Kanounenhiwwel beim Nationale Monument vun der Lëtzebuerger Solidaritéit am leschte Weltkrich

# Zirkulär

## un all Sektiounen, Amicalen an Associatiounen!

Fir dass d'„Enrôlés de Force" net abseits stinn, wann am ganze Land den

**10. September 2004**

d'Liberatioun vun onser Heemecht gefeiert gëtt, obschonns deemools nach méi wéi 5 000 Meedercher a Jongen net erëm doheem waren, huet de Comité National proposéiert, eng **Extra-Nummer vun „Les Sacrifiés"** erauszeginn.

D'Delegéiert um Kongress, den 8. Mee zu Steesel, hunn dës Propositioun majoritär ugeholl.

An dësem Bulletin sollen **d'Aktivitéite** vun onse Sektiounen, Amicalen an Associatiounen, aus de vergaangene 60 Joer rappeléiert ginn. D'Iddi ass déi, dës Aktivitéite **mat Fotoen** ze beleeën an der Nowelt z'erhalen.

Duerfir sinn all Sektiounen, Amicalen an Associatiounen opgeruff, der Federatioun 2 bis 5 Fotoen zoukommen ze loossen mat je enger kuerzer Beschreiwung, wat op deene Fotoen ass. Ee Beispill: D'Sektioun X schéckt eng Foto vun der Aweiung vun hirem Monument, oder si leeë Blummen néier, oder Erënnerungen un eng Excursioun, awer ëmmer, wa méiglech, mat Datum.

Also nëmme Fotoe vun **nom Krich bis haut**. (Dës Fotoe kritt all Sektioun nees erëm).

Dës Fotoë sinn bis den 1. September 2004 ze schécken un den **Norbert Melcher, 1, Wisegässel, L–7333 Steesel**.

**D'Extra-Nummer kënnt am Oktober 2004 eraus** a gëtt un all Member verschéckt.

Wann ee Grupp méi wéi 4 Fotoë publizéiere wëll, kann hien zousätzlech vu sengen éischte 4 Fotoen nach weider Fotoe schécken (awer ëmmer am Ziklus 4), z.B. 8 oder 12. Da muss ee Supplément vun 140,00 Euro pro 4 supplementar Biller iwwerwise ginn. Iwwerweisung op de Kont vun der Federatioun:

**C.C.P.L. IBAN LU78 1111 0313 2995 0000**

Mat dëser Aktioun wëlle mir dem Land am allgemengen d'Aktivitéite vun de Gruppementer vun den „Enrôlés de Force" dokumentéieren an dofir soll **all Sektioun**, Amicale oder Associatioun aus Solidaritéit matmaachen!

Am Viraus merci!

Fir de Comité national: **Jim Bolmer** Generalsekretär — **Jos Weirich** President



# „60 Jor zanter der Liberatioun, an deemools ware 5 000 Jongen a Meedercher nach net doheem!"

## Den Interessi vu jonke Leit fir d'Geschicht vun den EdF wiisst / Nationalkongress e Samschdeg, den 8. Mee, zu Steesel



*Et war eng gutt besichten Assemblée générale, virop en Deel vun der Relève*

Zu Steesel haten e Samschdeg, 8. Mee, d'Enrôlés de Force hiren éischte Kongress als „Fédération des Enrôlés de Force asbl", 35 Sektioune waren derbäi. D'Lëtzebuerger Jongen a Meedercher, déi haut alleguer tëschent 78 a 84 Jor um Bockel hunn, ware frou, datt Leit, déi nom Krich gebuer sinn, sech dofir interesséieren, d'Erënnerung un d'Zwangsrekrutéierte festzehalen, wéi zum Beispill d'Judith Feider, dat zu Paräis op der Sorbonne seng Dokteraarbecht iwwert d'Lëtzebuerger Jongen a russescher Gefaangenschaft schreift, datt jonk Leit fir eng Relève vun der Organisatioun bereet sinn an a verschiddene Sektioune mathëllefen, datt elo zwou Dammen am neie Comité derbäi sinn. Frou si si och, datt de „Projet de Loi Comité directeur du Souvenir sur l'Enrôlement forcé" an d'Créatioun vun engem „Centre de recherche et de documentatioun" um Instanzewee ass. Bedauert hunn d'Lëtzebuerger Jongen, datt de Projet vun dëser Regierung, an däer véier Membre sinn, wou de Papp selwer zwangsrekrutéiert war, net iwwert d'Bühn gaang ass. Bedauert hu si och, datt nach ëmmer vill Leit vun hinnen op eng Plaz an engem Fleegeheim waarde mussen.

De Kongress, dee vum Kongresspresident Marc Mathekowitsch (Jorgang 1954) geleet gouf, stung ënnert dem Motto: „60 Jor zanter der Liberatioun, an deemols ware 5 000 Jongen a Meedercher nach net doheem". 60 Jor, datt d'Zwangsrekrutéiert fir hir Rechter streide mussen!"

### De Kongress vun der Bestätegung

Mee et war awer och de Kongress vun der Bestätegung, datt eis Zwangsrekrutéiert nimools vergiess ginn. Well jonk Leit fir d'Relève bereet sinn, fäerten d'Lëtzebuerger Jongen a Meedercher net, datt si vergiess ginn, a mam Abbé André Heiderscheid si se zouversiichtlech fir Lëtzebuerg a si soe mat him: „Un peuple cesse de vivre quand il cesse de se souvenir."

Am Schloreen huet eng Delegatioun vum Zentralcomité zesumme mam President vun der Sektioun Steesel, Norbert Melcher, dem Kongresspräsident Marc Mathekowitsch an dem Steeseler Buergermeeschter Jempi Klein Blumme beim „Monument aux morts" niddergeluecht. Déi jonk Musikante Romain Eiffes an Marie-Paule Even hunn d'Sonnerie gespillt.

An der Aula vun der Primärschoul zu Steesel goufen zesumme mam Buergermeeschter Jempi Klein, dem Deputéierten Téid Stendebach, de Conseillere Marcel Oberweis a Betty Schumacher-Hastert, an en etleche Vertrieder vun der jonker Generatioun, Delegéierte vun 35 lokale Sektioune vum Kongresspresident a vum President vun der Steeseler Sektioun begréisst. De Kongress huet stëll un déi Verstuerwe geduecht.

## D'Ënnerstëtzung vun all Sektioun

Den Nationalpresident Jos Weirich huet ënnerstrach, datt d'Fédératioun d'Ënnerstëtzung vun alle Sektioune brauch, mä wann eng Sektioun net méi genuch Leit huet, fir ze fonktionéieren, ka se sech an d'Sektioun Hollerech-Gare mellen.

„Les Sacrifiés" soll fënnefmol am Jor erauskommen a kascht elo fënnef Euro pro Jor. Vill iwwerluecht gouf, wat ee soll man fir de 60. Anniversaire vun der Liberatioun. An enger Nummer vu „Les Sacrifiés" gi Fotoe vun den Aktivitéite publizéiert. All Sektioun soll elo schon drun denken, zwou bis fënnef oder méi Fotoën erauszesichen. Eppes ass bei der Diskussioun erëm ganz däitlech erauskomm: D'Jongen an d'Meedercher wënschen, datt genee an detailléiert nogefuerscht gëtt, datt méiglechst all Nimm vun Zwangsrekrutéiert festgehale ginn. An och bei där Diskussioun war de Merci un déi Leit, déi fir d'Relève bereet sinn oder déi jonk Leit, déi iwwert d'Zwangsrekrutéiert nofuerschen, net ze iwwerhéieren.

E ganz detailléierte Rapport huet de Generalsekretär Jim Bolmer virgeluecht. Hei en etlech Detailer:

Sou wéi an deene vergaangene Joeren hu mir eis och haut erëm zesummefonnt, fir Rechenschaft iwwer eist Schaffen an och iwwer eis Finanzen am Kalennerjoer 2003 ofzeleeën.

Allerdéngs si mir haut ugetratt, ënner dem Sigel „Fédération des Enrôlés de Force, Victimes du Nazisme", sou wéi dat um Kongress vun der „Association des Enrôlés de Force, Victimes du Nazisme" vum 3. Mee 2003 zu Ettelbréck eestëmmeg décidéiert gouf.

Op deem Kongress waren 39 Sektioune present, an 3 Sektiounen hate sech entschëllegt. D'Propositioun fir d'Association opzeléisen an d'Sektiounen als Member an d'Federatioun z'integréieren, war unanim a rechtskräfteg.

Dës Reform huet dann awer eng Statutenännerung bei der Federatioun mat sech bruecht, eng Missioun, déi nach vill Kappzerbrieches kascht huet, mä eise Kongress vun haut, deen ënnerläit de Bestëmmunge vun deene neie Statuten.

Mir soen awer och deenen zwou Organisatiounen, der Associatioun vun de „Survivants des E.d.F.", an den „Anciens de Tambow" merci fir hiert Verständnis, well ouni hiren Accord hätte mir dës Reform net kënne realiséieren.

Mä mir ginn all Dag méi al, eise Koup gëtt all Dag méi kleng, dofir heescht et méi no zesummeréckelen, wann een nach eppes wëll realiséieren. An dat wëlle mir!

Wéi ech chargéiert si ginn, fir dëse Rapport zesummenzebauen, hunn ech gemengt et wär alles méi am Ralenti gelaf dëst Joer, mä wéi ech bis amgaang war, hunn ech festgestallt, dass eis Leit vum „Nationalcomité" nach net ofgebaut hunn am Verglach zu deene Joere virdrun.

Well all déi Aktivitéiten oder Presenzen, déi ech elo zitéieren, waren op d'mannst vun engem, meeschtens awer vun e puer Leit aus dem Comité besicht.

Et beweist awer och, datt mir nach eng ganz Parti Sektiounen hunn, déi d'Aktivitéit nach ganz eescht huelen an ëmmer present sinn.

Den Zentralcomité hat am leschte Joer nach 5 Reuniounen, dann de leschten Nationalkongress vun der Associatioun, an duerno vum neie Federatiounscomité 8 Sitzungen.

Reuniounе vum Conseil d'administratioun vum Memorial, a geleeëntlech Remplacementer vun der Gérance waren et der 8.

Generalversammlungen oder Commémoratiounsfeiere mat Generalversammlunge vun de Sektiounen uechter d'Land, waren et der eng Onmass, wou dann allemol een oder méi Membere vum Comité central derbäi waren, woubäi besonnesch ervirzestraiche sinn, d'Journée commémorative op Baueresonndeg, den Tambowdag an d'Journée vun der Liberatioun aus russescher Gefaangeschaft.

Bei Begriefnësser waren ervirzestraichen den Doud vun der Mme Germain Frantz. Den Här Frantz war Chambellan Honoraire vun eisem Grand-Duc Jean. An dann hu mir leider och ons laangjäreg Komerodin a Vizepresidentin Mme Josée Reeff begruewen. Kuerz nom Kongress d'lescht Joer hu mir dunn och de Komerod René Magar, laangjärege President vun der Stater Sektioun op sengem leschte Wee begleet.

Iwwer d'Fleegeheemer, weess de Komerod Emile Gruber, deen d'Gérance no der Mme Reeff ugeholl huet, besser Bescheed, ech wëllt ower drop hiweisen, datt den CIPA Houwald den 30. Mee d'lescht Joer endlech seng Dieren opgemaach huet, nom Accord Santer-Kohl vum November 1985. (???)

Iwwer e Monument am Pafendall ware mir vun engem Comité d'Organisation kontaktéiert ginn a waren och e puermol mat hinnen op der Plaz a beim Buergermeeschter virstelleg ginn, fir säin Accord ze kréien. No leschten Informatiounen soll elo eppes realiséiert ginn.

An deene verschiddene Massen uechter d'Joer war eng Quête fir d'Fondation Alzheimer, wou 1975 Euro zesumme koumen, déi der Federatioun zur Verfügung gestallt si ginn.

Et bleift och nach ze mellen, dass déi monumental Éirepuert zu Slonsk, déi futti geschloen a geklaut gouf, vun de polneschen Autoritéiten komplett an d'Rei gesat ginn ass. Et verdéngt e Merci eisersäits.

De Comité central hat dann och Entrevuë mat méi jonken Interessenten, déi eventuell bereet wieren, an engem Gremium matzeschaffen an



*De President Jos Weirich bei senger Usprooch, niewent dem Dësch vum Comité central*

och bereet wieren d'Relève vun eiser Organisatioun ze iwwerhuelen, ënner anerem eng Entrevue mat der Joffer Judith Feider, fir d'Festried op der Journée commémorative op Baueresonndeg ze halen.

D'Statutenupassung fir déi Zäit no äis, mir sinn alleguer an der Tëschenzäit 78 bis 85 Joer al, huet ebenfalls munnech Entrevuen an Usproch geholl.

Aus allen negativen Elementer, wéi geklounte „Gëlle Fra", d'Expo „Et war alles net esou einfach", Verbrechen der Wehrmacht, an déi Konferenze ronderëm de Spektakel däerfe mir net esou séier d'Bengele bei d'Tromm geheien, an et gëtt héich Zäit, dass mir eng Relève duerch méi jonk Leit duerchzéien.

Den 13.11.02 hate mir an deem Sënn eng Entrevue bei eisem Premier, dem Här Jean-Claude Juncker, sollicitéiert. Nodeem verschidde fixéiert Daten wéinst wichtegen Auslandsterminer vum Premier, hu misse verluecht ginn, koum et endlech de 24. Mäerz 2003, zu deem begierte Rendez-Vous.

Mir hunn dem Här Juncker eis Doléancë virgedroen, esougutt déi negativ Erfahrunge mat den Historiker wéi eis Netberücksichtegung bei der Creatioun vum Gesetz iwwer d'Folleg-organisatioun vum C.N.R.

D'Reaktioun vum Staatsminister huet bewisen, datt hien déi aktuell Situatioun besser erkannt hat, wéi mir gemengt hunn.

Ech verstinn lech vollkommen, an ech ginn lech och Recht, an ech roden lech: „Maacht einfach datselwecht wéi d'Resistenz". Gëtt mir e Projet de Loi eran an deem Dir ee „Comité directeur du Souvenir sur l'Enrôlement forcé" an d'Creatioun vun engem „Centre de Recherche et de Documentation" frot. Ech ënnerstëtzen dee Pojet an hunn domat keng Problemer. MÉI WOLLTE MIR NET!

Den 30.6.03 hu mir de Projet deposéiert. De 16. Abréll 2004 ass en am Conseil des Ministres diskutéiert an acceptéiert ginn a wien dem Staatsminister seng Ried zur „Lag vun der Natioun" nogelauschtert huet, dee krut do d'Bestätegung. Als Suite kann ech soen, dass de Projet den 30. Abréll op den Instanzewee oder un de Staatsrot gaangen ass. Et bestinn also elo berechtegt Hoffnungen, dass mir engem neie Gremium vu méi jonke Leit d'Direktioun vun eiser Organisatioun kënnen iwwerginn.

Den aktuelle Comité, deen ower demissionär ass, mengen ech, hätt seng Aufgab zefriddestellend geléist, an eis Leit waren trotz Krankmeldungen mat 301 Presenzen a ronn 10 000 gefuere Kilometer am Laf vum Joer nach dacks vun doheem fort.

Gestuerwe sinn aus eise Joergäng 492 Dammen a 429 Hären.

Duerno hunn de Jules Giersch an d'Madame Christiane Hoffelt de Keeserapport presentéiert, deen d' Keeserevisoren der Assemblée bestätegt hunn. Duerch Bäifall ass dem Keessjee Entlaaschtung erdeelt ginn.

## 65 Leit op der Waardelëscht vun de Fleegeheemer

Den Emile Gruber huet iwwert d'Situatioun vun den Opnahmen an d'Fleegeheemer geschwat, an do stinn de Moment nach 65 Leit op der Waardelëscht, an do trëfft och zou, datt d'EdF fir hir Rechter **streide** mussen.

No den neie Statuten ass de ganze Comité zréckgetrueden, duerch Applaus sinn se all erëmgewielt ginn. Déi zwou Dammen Yolande Kohn a Danielle Wenzel, déi och zur méi jonker Generatioun gehéieren, ware bereet, eng Plaz am Comité unzehuelen.

De Buergermeeschter Jempi Klein, deen de ganze Mëtteg bei den Diskussiounen derbäi war, huet d'Dynamik vun der lokaler Sektioun a vun der Federatioun gelueft. Hien huet betount, datt et wichteg ass ze wëssen, wat eis Leit am leschte Krich gelidden hunn, an hien huet versprach, datt zu Steesel de 60. Anniversaire vun der Liberatioun zesumme mat de Schoulkanner an den Zwangsrekrutéierte gefeiert gëtt.

Mam Éirewäin, offréiert vun der Gemeng Steesel, ass den éischte Kongress no der Reorganisatioun vun den EdF zu Enn gangen.

Den nächste Kongress ass am Joer 2005 zu Konter.

# Journée du Souvenir – Dënschdeg, 13. Juli 2004

## fir d'Enrôlés de Force vun de Gebuertsjoeren 1925, 1926 a 1927, déi den 12. an 13. Juli 1944 agezu goufen

**PROGRAMM**

| | |
|---|---|
| 9h15 | Rendez-vous fir d'Komeroden, déi mam Privatauto kommen um Südparking vum Alvisse Parc Hotel, 120, Iechternacherstrooss zu Dummeldeng. |
| 9h40 | Départ vun de Busse vum Parking vum Alvisse Parc Hotel bei de Kanounenhiwwel. |
| 9h50 | Rendez-vous fir d'Komeroden, déi mam Zuch oder Bus kommen bei der Flam um Kanounenhiwwel. |
| 10h00 | Gedenkfeier beim Monument vun de Solidarité nationale – Sonnerie – Nidderleeë vun enger Gerbe duerch d'Presidente vun den Amicalen. |
| 10h30 | Feierlech Mass an der Kathedral, zelebréiert vum Erzbëschof Mgr. Fernand Franck, konzelebréiert vun eise Komeroden André Heiderscheid, Michel Behm, Georges Gevigné.<br>Uergel a Gesank: Chorale vun den Enrôlés de Force. |
| 11h45 | Receptioun an der Stater Gemeng duerch de Buergermeeschter Paul Helminger, seng Scheffen a Conselljeeën – Éirewäin – Merci vum Komerod André Linden.<br>Erënnerungsfoto op der Trap virum Stadhaus um Knuedler. |
| 12h45 | Départ vun de Bussen beim Stadhaus um Knuedler. |
| 13h00 | Alvisse Parc Hotel – Wëllkommsgréiss vum Organisatiounspresident Nic. Champagne.<br>Mëttegiessen: um Menu<br>Velouté de Volailles aux Noix<br>Noix de Bœuf braisée avec ses garnitures<br>Tarte aux Pommes – Café/Mokka.<br>Schlusswuert vum EdF-Federatiounspresident Jos. Weirich. |
| 17h00 | Départ vum Bus beim Hotel Richtung Lëtzebuerg-Gare. |

**Help-Line** Den 13. Juli selwer steet eng Help-Line bei Problemer oder Schwieregkeeten:
**Tél. 021 715 493** (vun 9.00 bis 18.00 Auer)

**Amicalen: Bismarckhügel-Russ • Gembitz-Deutschwalde • Lüdden-Wollstein • Pinne-Jannowitz • Rogasen-Wollstein**



# D'Komeroden, déi den 12. an 13. Juli 1944 agezu goufen

Fir d'éischte Kéier a 60 Joer si mer ëmstand, dës Lëschten ze publizéieren. Si sinn och elo nach laang net komplett. Mä si si méi wéi en Ufank. – All deenen e grousse Merci, déi gehollef hunn, dat hei ze verwierklechen.

Mir sinn dankber fir all Ergänzung a Verbesserung. Dir kënnt si ***schrëftlech*** un eng vun dësen Adresse riichten:

Norbert Melcher,
1, Wisegässel
L-7333 Steesel

oder

Nic. Champagne
5, rue Jacques-Gustave Lessel
L-5620 Mondorf-les-Bains

## D'Komerode vu Lüdden
### Lager 5/34

| Nr. | Numm | | gebuer den | Départ | gefall / gestuerwen | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | | | | | am Krich | a Gefaange-schaft | heiheem |
| 1 | BACK | Jean | 28.10.1926 | Dudelange | | | |
| 2 | BESENIUS | René | | | | | |
| 3 | BLITGEN | Camille | | | | | |
| 4 | BOUR | Nicolas | | Grevenmacher | | | |
| 5 | CONRARDY | Paul | | | | | |
| 6 | EIFES | Albert | | | | | |
| 7 | FERBER | René | | | | | |
| 8 | GAFFINE | René | | Roodt/Syre | | | |
| 9 | GOEBEL | Pierre | | | | | |
| 10 | GOEREND | Félix | 16.09.1926 | Belvaux | | | |
| 11 | HAMES | Ady | | | | | |
| 12 | HARTZ | Tony | | Dudelange | | | |
| 13 | JEITZ | Robert | | | | | |
| 14 | JOURDIN | Roger | | | | | |
| 15 | KIEFFER | Constant | | | | | |
| 16 | KINTZELE | Jean | 15.07.1926 | Hautcharage | | | |
| 17 | LORANG | Joseph | | Moutfort | | | |
| 18 | MANNES | Henri | | | | | |
| 19 | MUSMANN | Albert | | | | | |
| 20 | REUTER | Michel | | | | | |
| 21 | REUTER | Raymond | | | | | |
| 22 | SCHAAK | Jean-Pierre | 06.08.1926 | Wiltz | + | | |
| 23 | SCHARTZ | Nicolas | 04.07.1925 | Bissen | + | | |
| 24 | SCHEER | Henri | 25.10.1926 | Clemency | | | |
| 25 | SCHMIT | Aloyse | | Oetrange | | | |
| 26 | SCHMIT | Johny | 04.02.1926 | Steinfort | + | | |
| 27 | SCHOLER | René | 15.08.1926 | Steinfort | + | | |
| 28 | SCHU | Gaston | | Esch/Alzette | | | |
| 29 | SCHULLER | Léon | | Oetrange | | | + |
| 30 | SCHULLER | Marcel | 17.09.1926 | Biwer | | | |
| 31 | SCHWALL | Guillaume | 17.07.1925 | Grevenmacher | | | |
| 32 | THEKES | Jean-Pierre | 27.12.1926 | Grevenmacher | + | | |
| 33 | THILGEN | Edmond | 28.10.1926 | Pétange | | | |
| 34 | THILL | Ady | | | | | |
| 35 | THILL | Albert | | | | | |
| 36 | THILL | Alex | 18.03.1926 | Weimerskirch | | | |
| 37 | THILL | Gérard | | | | | |
| 38 | URWALD | Jean | | | | | |
| 39 | WAGNER | Jos. | 19.03.1926 | | | | |
| 40 | WEBER | Félix | | Bonnevoie | + | | |
| 41 | WEIS | René | | Sandweiler | | | |
| 42 | WELTER | Marcel | 30.01.1925 | Dudelange | + | | |
| 43 | WEYLAND | Nicolas | | Sandweiler | | | |



## D'Komerode vu Wollstein
### Lager 6/34 5/31

| Nr. | Numm | | gebuer den | Départ | gefall / gestuerwen | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | | | | | am Krich | a Gefaange-schaft | heiheem |
| 1 | ANTHONY | Nicolas | | | | | |
| 2 | BACK | John | | | | | |
| 3 | BECKER | Emile | | | | | + |
| 4 | BERCHEM | John | | | | | |
| 5 | BOULTGEN | John | | | | | |
| 6 | CLAUDE | Fernand | 22.03.1925 | Esch/Alzette | | | |
| 7 | COLLING | Norbert | 25.10.1925 | | | | |
| 8 | DAUBENFELD | Armand | | | | | |
| 9 | DIEDERICH | Clement | | | | | |
| 10 | DOSTERT | Fernand | | | | | |
| 11 | ECKER | Nicolas | | | | | |
| 12 | ERPELDING | Armand | 26.01.1925 | Bettembourg | Tambow | | |
| 13 | FABER | Richard | | | | | |
| 14 | FRIEDEN | Pierre | | | | | |
| 15 | GARNICH | Nicolas | | | | | |
| 16 | HARSCH | Roger | | | | | |
| 17 | HEIDERSCHEID | Jean | | | | | |
| 18 | HEYNEN | Georges | 25.03.1925 | | | | |
| 19 | HELLENBRAND | Emile | | | | | |
| 20 | HELMINGER | Roger | 05.04.1925 | Noertzange | | | |
| 21 | HENX | Nicolas | | | | | |
| 22 | JOHANNS | Armand | 09.04.1925 | | | | |
| 23 | JUNG | Antoine | 29.03.1926 | Strassen | | | + |
| 24 | KAUDER | Jean | | | | | |
| 25 | KONGS | Lucien | | | | | |
| 26 | LEIDER | René | 01.06.1925 | Rédange/Attert | | | |
| 27 | LOEWEN | Robert | | | | | |
| 28 | MERES | Camille | | | | | |
| 29 | MOND | René | 07.09.1925 | Esch/Alzette | | | |
| 30 | PEIFFER | Ernest | | | | | |
| 31 | PUTZ | Emile | 14.05.1925 | Diekirch | | | |
| 32 | RECH | Marcel | | | | | |
| 33 | SCHMIT | Emile | | | | | + |
| 34 | SIEDLER | Albert | | | | | |
| 35 | SPIELMANN | Marcel | | | | | |
| 36 | WILMES | René | | | | | |

## D'Komerode vu Wollstein
### Lager 7/31

| | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | AHLEMANN | Nicolas | | | | | |
| 2 | ALLAMANO | François | | | | | |
| 3 | ARENT | Jean-Pierre | | | | | |
| 4 | BIRSENS | Joseph | | | | | |
| 5 | BODE | Louis | | | | | |
| 6 | BORCHERT | Jacques | | | | | |
| 7 | BRIX | Adrien | | | | | |
| 8 | CLASEN | Jean-Pierre | | | | | |
| 9 | COLLING | Joseph | | | | | |
| 10 | CRELOT | Nic. | | | | | |
| 11 | DAHM | Jean | | | | | |
| 12 | DAMOISEAUX | Armand | | | | | |
| 13 | DELVAUX | Marcel | 01.02.1926 | | | | |
| 14 | ERNZER | Marcel | | | | | |
| 15 | ERSCHENS | Ady | | | | | |
| 16 | EVEN | Paul | | | | | |
| 17 | FABER | Joseph | | | | | |
| 18 | FEDERSPIEL | Léon | | | | | |
| 19 | FONK | Prosper | 02.07.1926 | Hollerich | | | |
| 20 | FRANZEN | Joseph | | | | | |
| 21 | GASPAR | Norbert | | | | | |
| 22 | GEHLHAUSEN | Jeng | | | | | |
| 23 | GILLEN | Joe | | | | | |
| 24 | GINTER | Albert | | | | | |
| 25 | GOEDERT | Fred | | | | | |
| 26 | GOFFINET | Armand | 13.03.1926 | Strassen | | + | |
| 27 | HAMILIUS | Michel | | | | | |
| 28 | HENTZEN | Jean-Pierre | | | | | |
| 29 | HENZIG | François | 16.11.1926 | | | | |
| 30 | HOFFMANN | André | | | | | |
| 31 | HUBERTY | Jules | | | | | |
| 32 | JACOBS | Roger | | | | | |
| 33 | JOPA | Fernand | | | | | |
| 34 | JUNG | Nic. | | | | | |
| 35 | KAES | Jengy | | | | | |
| 36 | KASS | Alfred | | | | | |
| 37 | KLEIN | René | | | | | |
| 38 | KOHL | Marcel | 22.03.1926 | Weimerskirch | | | |
| 39 | KOHN | Eugène | | | | | |
| 40 | KOHNEN | Aloyse | | | | | |
| 41 | KREMER | Pierre | 16.06.1926 | Dudelange | | | |
| 42 | LANNERS | Paul | | | | | |
| 43 | LEGER | Fred | | | | | |
| 44 | LEY-PÜNDEL | Joseph | | | | | |
| 45 | LINDEN | Valentin | | | | | |
| 46 | MAJERUS | Grégoire | | | | | |
| 47 | MARTIN | Mex | | | | | |
| 48 | MAYER | Ferdy | | | | | |
| 49 | MOURIS | Jacques | | | | | |
| 50 | MOUSEL | Michel | | | | | |
| 51 | MRECHES | Albert | | | | | |
| 52 | MULLER | Jacques | | | | | |
| 53 | NEY | Lucien | | | | | |

| Nr. | Numm | | gebuer den | Départ | gefall / gestuerwen am Krich | a Gefaange-schaft | heiheem |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 54 | ODENDAHL | Pierre | | | | | |
| 55 | OE | Norbert | | | | | |
| 56 | PALGEN | Jean | 21.03.1926 | Mertert | | | |
| 57 | PETTINGER | Jules | 29.03.1926 | Dudelange | | | |
| 58 | RACH | Lucien | 23.01.1925 | Everlange | | | |
| 59 | REYTER | Camille | | | | | |
| 60 | RIES | Joseph Albert | 25.01.1925 | | | + | |
| 61 | ROLLER | Mathias | | | | | |
| 62 | RONK | René | | | | | |
| 63 | SCHILTZ | Ady | 21.06.1926 | | | | |
| 64 | SCHILTZ | Eugène | | | | | |
| 65 | SCHINKER | Raymond | 18.12.1926 | | | | |
| 66 | SCHNEIDER | Marcel | | | | | |
| 67 | SCHOUP | Charles | | | | | |
| 68 | SCHRENGER | Paul | 06.10.1926 | | | Tambow | |
| 69 | SCHUTZ | Marcel | | | | | |
| 70 | SOUMER | Jean | | | | | |
| 71 | STAMMET | Lucien | | | | | |
| 72 | STEFFEN | Raymond | 16.01.1926 | | | | |
| 73 | THIBOR | Célestin | | | | | |
| 74 | THILL | Henri | | | | | |
| 75 | THIRY | Lucien | 28.06.1925 | | | | |
| 76 | WEBER | Alphonse | | | | | |
| 77 | WEIS | Marcel | | | | | |
| 78 | WELSCHBILLIG | Fernand | | | | | |
| 79 | WELTER | Raymond | | | | | |
| 80 | WESTER | Michel | | | | | |
| 81 | WEYLAND | Joseph | 29.09.1926 | | | | |
| 82 | WINANDY | Marcel | | | | | |
| 83 | WIRTZ | Emile | | | | | |
| 84 | WIRTZ | René-Nicolas | 10.01.1926 | | | | |
| 85 | ZEMMES | Lucien | | | | | |
| 86 | ZUANG | Norbert | 29.08.1926 | | | | |

## D'Komerode vu Rogasen
### Lager 4/35

| | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | ALFF | Camille | | | | | |
| 2 | BACKES | Roger | | | | | |
| 3 | BARTHEL | Emile | | | | | |
| 4 | BAUSCH | Pierre | | | | | |
| 5 | BAUSTERT | Joseph | | | | | |
| 6 | BEHM | Michel | | | | | |
| 7 | BELLING | Michel | | | | | |
| 8 | BINDELS | Albert | 16.12.1925 | | | | |
| 9 | BOENTGES | Joseph | | | | | |
| 10 | BOUCHE | Jean | 24.04.1925 | | | | |
| 11 | COLLING | Arthur | 27.06.1925 | Bettembourg | | | |
| 12 | DELOOS | Nicolas | 05.11.1926 | Diekirch | | | |
| 13 | DERNEDEN | Raymond | | | | | |
| 14 | ECK | Ferdinand | 03.03.1925 | Rumelange | | | |
| 15 | EMERING | Pierre | | | | | |
| 16 | FELTEN | Marcel | 15.12.1925 | Rosport | | | |
| 17 | FLESCH | Lucien | | | | | |
| 18 | FRANZEN | Joseph | 05.04.1925 | Moutfort | | | |
| 19 | FRIEDERICH | Alphonse | 05.12.1925 | | | | |
| 20 | GEIMER | Jean | | | | | |
| 21 | GERHARDS | Jean | | | | | |
| 22 | GINNDORFF | Albert | 25.09.1925 | | | | |
| 23 | GIRRES | Georges | | | | | |
| 24 | GOERGEN | René | 1925 | Canach | | | |
| 25 | GRAAS | Jean-Pierre | | | | | |
| 26 | HAMEN | Nicolas | 26.05.1925 | Diekirch | | + | |
| 27 | HELFEN | Alphonse | | | | | |
| 28 | HOUDREMONT | Paul | | Mensdorf | | | |
| 29 | HUSS | Pierre | | | | | |
| 30 | ISEKIN | Antoine | | | | | |
| 31 | JUNG | René | | | | | |
| 32 | JUNG | Ferdinand | 09.05.1925 | Dudelange | | | |
| 33 | KLASEN-MOSER | | | | | | |
| 34 | KRIEPS | Michel | | | | | |
| 35 | LAKAF | Camille | | | | | |
| 36 | LIES | Armand | | | | | |
| 37 | LONIEN | André | | | | | |
| 38 | MOHNEN | Raymond | 20.03.1926 | Tétange | Tambow | | |
| 39 | MEDERNACH | Roger | | | | | |
| 40 | MERGEN | Roger | | | | | |
| 41 | MERGES | Roby | | | | | |
| 42 | MERTZ | Paul | | | | | |
| 43 | MEYER | Roger | | | | | |
| 44 | MULLER | René | | | | | |
| 45 | MULLER | Roger | 18.02.1925 | Esch/Alzette | | | |
| 46 | NOESEN | Albert | | | | | |
| 47 | PHILIPPI | René | 14.09.1925 | Rumelange | | | |
| 48 | PRIM | Marcel | 20.01.1925 | Dudelange | | | |
| 49 | PROBST | Pitt | 23.01.1925 | Rumelange | | | |
| 50 | REDING | Jean | | | | | |
| 51 | ROMMES | Michel | | | | | |
| 52 | SCHILTZ | Aloyse | | | | | |
| 53 | SCHMIT | Jeannot | | | | | |
| 54 | SCHOCKWEILER | Joseph | 27.06.1925 | Eischen | | | |
| 55 | SCHROEDER | Etienne | | | | | |
| 56 | SCHULLER | Emile | | | | | |
| 57 | SCHWALLER | Joseph | | | | | |
| 58 | SCHWARTZ | Laurent | | | | | |
| 59 | STIRN | Paul | | | | | |
| 60 | THEOBALD | Jean | 17.xx.1925 | Schifflange | | | |
| 61 | THEIS | Alphonse | | | | | |

| Nr. | Numm | | gebuer den | Départ | gefall / gestuerwen am Krich | a Gefaange-schaft | heiheem |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 62 | THILL | Alphonse | 19.07.1925 | Bettembourg | | | |
| 63 | TINTINGER | Lucien | | | | | |
| 64 | TONNAR | Pierre | | | | | |
| 65 | URHAUSEN | André | 27.11.1925 | Tétange | | | |
| 66 | WAGNER | Michel | | | | | |
| 67 | WALLERS | Roger | 29.04.1926 | Bettembourg | | | |
| 68 | WEBER | Norbert | | | | | |
| 69 | WEILAND | Nicolas | | | | | |
| 70 | WILTGEN | Joseph | | | | | |
| 71 | ZIGRAND | Auguste | 10.02.1925 | Oberkorn | | Tambow | |

## Lëscht Aloyse Schmit

| | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | ANDRE | Jean | | | | | 1991 |
| 2 | BOURSCHEID | Eugène | | | | | 1991 |
| 3 | CHARPENTIER | Henri | | | | | |
| 4 | CONRAD | Henri | | | | | 1995 |
| 5 | DAX | Gaston | | | | | |
| 6 | DENTER | Fred | | | | | |
| 7 | DONDELINGER | Roger | | | | | |
| 8 | EILENBECKER | Fred | | | | | |
| 9 | FRANZEN | Paul | | | | | |
| 10 | FRISING | Armand | | | | | |
| 11 | GASPAR | Lucien | | | | | 2000 |
| 12 | GALES | Charles | | | | | |
| 13 | GAFFINET | Roger | | | | | |
| 14 | GUT | Fernand | | | | | |
| 15 | JEITZ | Jean | | | | | |
| 16 | KEMP | Dédé | | | | | |
| 17 | KIMMEL | Nic. | | | | | |
| 18 | KIRPACH | François | | | | | |
| 19 | KLAPP | Alex | | | | | |
| 20 | KLEIN | Marcel | 15.09.1926 | Bissen | | | |
| 21 | KUNSCH | Guillaume | | | | | |
| 22 | LORENTZ | Gab | | | | | |
| 23 | LOUTSCH | Gaston | | | | | |
| 24 | MARX | Charles | | | | | |
| 25 | MATHIAS | Jean-Pierre | | | | | |
| 26 | MEISCH | Emile | | | | | |
| 27 | MICH | Robert | | | | | |
| 28 | MIGNOT | Fernand | | | | | |
| 29 | MORIS | Albert | | | | | |
| 30 | MULLER | Armand | | | | | |
| 31 | MULLER | Roger | | | | | |
| 32 | NICKELS | Roger | | | | | 2000 |
| 33 | PEFFER | Marcel | | | | | 2000 |
| 34 | PERLOT | François | 25.06.1925 | Esch-Alzette | | | 1998 |
| 35 | PETERS | Gust | | | | | 2000 |
| 36 | PETIT | Marcel | 10.07.1925 | Schuttrange | | 27.01.1945 | |
| 37 | POENSGEN | Henri | | | | | |
| 38 | POLFER | Camille | | | | | |
| 39 | PROST | André | | | | | 1982 |
| 40 | REILAND | Gust | | | | | |
| 41 | SCHAACK | Jean-Pierre | 06.08.1926 | | | | |
| 42 | SCHEER | Pitt | | | | | 1997 |
| 43 | SCHROEDER | Narcisse | | | | | |
